LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 9 janvier 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
13 JAN. 2020

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 1570 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040816-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
13 JAN. 2020

Luxembourg, le 9 janvier 2020

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1570 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Zanter ville Jore bidden den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) an de Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) eng grouss Zuel vu Formatiounen zum Themeberäich "Mobbing" un. Dës Formatioune riichten sech souwuel un d'Enseignantë wéi och un d'sozio-edukatiivt Personal vum Enseignement fondamental a vum Enseignement secondaire.

D'Formatioune kënnen an dës Kategorien agedeelt ginn:

a) Preventioun vu Mobbing: Hei stinn dat soziaalt an emotionaalt Klima an der Klass oder der Schoul, d'Opbaue vu Sozialkompetenz an d'Erléiere vu Kommunikatiouns- a Konfliktfäegkeet am Mëttelpunkt. Et sinn dëst Joer 10 Formatiounen, dovu 6 schoulintern, zu dësem Themefeld an der Offer vum IFEN, déi ee bis dräi Deeg daueren.

b) Interventioun bei Mobbing an der Schoul: D'Persounen, déi deelhuelen, kréien Hannergrondwëssen iwwer Mobbing, léieren, Mobbing an der Schoul ze erkennen, a si léiere Methoden a Strategië, fir mat Mobbing a Gewalt ëmzegoen. Zil ass och, datt d'Participanten eng kloer an determinéiert Haltung zu Mobbing an déi néideg Sensibilitéit fir Affer an Täter entwéckelen. Methoden, déi an der Schoul kënnen agesat ginn, gi virgestallt an ageüübt: No-Blame-Approach, Farsta, Konfrontatiouns- an Deseskalatiounstechnike fir de Schoulalldag. Am lafende Schouljoer si 26 Formatiounen, dovun d'Halschecht schoulintern, programméiert. Zwou Formatioune vu jee 3 a 14 Deeg iwwer Mobbing-Interventioun an Deseskalatioun adresséiere sech spezifesch un d'sozio-edukativ Equippen aus de Schoulen.

c) Cybermobbing a Cyberbullying: Hei sinn d'Ziler, fir am preventive Beräich Methode kennen ze léiere fir déi Jonk fir dës Themen ze sensibiliséieren, awer och fir Cyberbullying-Situatiounen ze identifizéieren. Fir d'Interventioun gi verschidden Handlungsméiglechkeeten entwéckelt an Hëllefsystemer virgestallt. Véier Formatioune ginn zu dëser spezifescher Aart vu Mobbing proposéiert.

Ausserdeem organiséiert de CePAS reegelméisseg Informatiounsowender an ëffentlech Konferenze fir d'Elteren an d'Schoulpersonal. Am CePAS steet och pedagogescht Material zur Verfügung zu den Theme Mobbing, Suizid, Exclusioun, Gewalt, Respektmangel a Konflikt mat Elteren, dat vum Schoulpersonal ausgeléint ka ginn.

D'Léierpersonal kritt d'Formatiounen am Kader vun de Fortbildungsstonnen, déi zu der Tâche gehéieren, comptabiliséiert; Formatiounen zum Themeberäich Mobbing sinn awer net obligatoresch.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-00188-20040816-FR

**Ad 2)**

Fir d'éischt emol ass et wichteg, Konfliktsituatiounen am Alldag vu systemateschem Mobbing ze ënnerscheeden; dëst ass d'Viraussetzung vun all Strategie a muss gekläert ginn, ier eng spezifesch Interventioun ka lancéiert ginn. D'Direktive gi vun den eenzelne Schoulen ausgeschafft, an all Schoul huet hir eegen Direktiven an Interventiounsstrategien, virun, wärend an no der Mobbingsituatioun. Dës Strategië gi vu Preventioun an Erkenne vu Mobbingfäll bis hin zur Interventioun, wann et reell zu engem Mobbingfall komm ass. Wichteg ze soen ass, datt hei all d'Acteure vun der Schoulcommunautéit an och d'Elteren an der Verantwortung sinn, fir eng opmierksam Haltung an och déi néideg Reflexer fir d'Agéieren an d'Intervenéieren ze entwéckelen.

Verschidde Lycéeën hunn Anti-Mobbing-Unitéiten opgebaut, déi Pre- a Postventiounsaarbecht maachen. Déi verschidden Handlungsstrategië ginn och ëmmer erëm nei bekannt gemaach bei all Schoulrentrée, sou datt all d'Schoulacteuren forméiert sinn, wat am Fall vu Mobbing ze maachen ass.

Am Kontext vun der Interventioun ass d'Initiativ "Stop Mobbing" ervirzehiewen. Souwuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire ginn d'Acteure vu "Stop Mobbing" aktiv, wann se vun der Schoul geruff ginn, fir als neutral an extern Intervenanten an der Schoul anzegräifen. Si bestinn aus engem Team vu Mediateuren, déi beim Centre pour le développement socio-émotionnel ugesidelt sin, fir punktuell um Terrain ze intervenéiere mam Zil, op de Problem opmierksam ze maachen, Léisungen ze fannen an e positiivt Klima nees hierzestellen. Dës Initiativ ënnerstëtzt Schüler, Klassen, Enseignanten, Elteren souwéi multiprofessionell Equippen an der Schoul.

Verschidde Programmer fir d'Sensibiliséierung a fir d'Promotioun vun Interventiounsstrategië ginn och vum CePAS promouvéiert. En interaktiven Theaterprojet fir d'Thema iwwer de kënschtlereche Wee an am Austausch mat de Schüler unzegoen, gëtt den Ament geplangt an 2020 op d'Bün bruecht; uschléissend ass de Lancement vu konkreten Aktiounen a Moossnamen an de Schoulen. Ausserdeem bitt de CePAS an Zesummenaarbecht mat de Lycéeën de Projet "Stay Cool" un, wou Täter vu Gewalt a Mobbing kënne vun engem Antigewalttraining beneficiéieren.

De Code vun der Éducation nationale gesäit disziplinaresch Prozedure géint d'Täter am Enseignement secondaire vir. De Mobbing oder de Cybermobbing sinn zu Lëtzebuerg keng explizitt Strofdoten, awer d'Ausdrocksforme wéi z. B. déi kierperlech oder physesch Gewalt oder d'Ustëftung zu Gewalt an Haass si strofbar.

**Ad 3)**

De Kanner-Jugendtelefon (KJT), konventionéiert duerch de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, huet eng Rei Berodungs- an Informatiounsoffere fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener. Si kënnen iwwer een anonymmen Online-Formulaire oder awer iwwer verschidde Gratis-Hotlinen Äntwerten op hir Froe kréien:

- **Elterentelefon (26 64 05 55):** riicht sech un Erwuessener (Elteren, Grousselteren oder anerer), déi mat der Erzéiung oder dem Encadrement vu Kanner a Jugendleche betraut sinn.
- **BEE SECURE Helpline (8002 1234):** dës Hotline riicht sech u Jonk an Al a bitt eng perséinlech Berodung an Orientéierung zu Froe ronderëm de Gebrauch vun neie Medien. Dozou zielt och d'Thema "Cybermobbing".
- **Kannerjugendtelefon (116 111):** ënnert dëser a ganz Europa eenheetlecher Nummer (déi och aus dem Ausland erreechbar ass) kënne Kanner a Jonker hir Suergen a Problemer mat enger geschoulter Persoun beschwätzen a Léisungen fannen.

Am Fondamental ginn d'Elteren an der obligatorescher Eltereversammlung virun der Allerhellegevakanz vum Titulaire de classe iwwert déi eenzel lokal a regional Offeren informéiert; dee Moment ginn si och iwwert déi eenzel Uspriechpartner a Kenntnis gesat. Jee no Besoin kënnen och Membere vum sozio-edukative Personal un dëse Reuniounen deelhuelen. Wärend dem Schouljoer kënne sech d'Elteren an éischter Linn un den Titulaire de classe riichten, deen hinne kontextgebonnen a geziilt weider Informatiounen zu de Ressourcen, déi um Terrain intervenéieren, ka ginn. Am Secondaire gëtt änlech verfuer: bei der Rentrée kréien d'Elteren an d'Schüler eng Lëscht vu Kontaktpersounen an de Schoulen a baussent de Schoulen. D'Personal vun de SePASen an den SSE (Services socio-éducatifs) an de Lycéeën ass duerch seng Formatioun an duerch seng Presenz um Terrain e wichtegen Acteur a Mediateur fir e positiivt Klima vu Relatiounen tëscht de Schüler hierzestellen.

**Ad 4)**

D'Ursaache sinn an den heefegste Fäll familiär, sozial oder perséinlech Konflikter, déi net gekläert sinn, souwéi physesch, psychesch Konflikter oder Ënnerscheeder am Verhalen tëschent de Schüler, déi Mobbing kënnen ausléisen. Dacks gëtt et net nëmmen eng Ursaach, mee eng Kombinatioun vu méi Ursaachen. De Cybermobbing setzt oft och e physesche Mobbing viraus.

Déi international Etude HBSC ("Health Behaviour in School Aged Children") weist an de Statistike vun 2014, datt zu Lëtzebuerg 73 % vun de Schüler hiren eegenen Aussoen no net vu Mobbing betraff sinn. 16 % vun de Schüler hunn uginn, datt se ee- bis zweemol pro Mount gemobbt goufen an 11 % hunn uginn, datt se mindestens zweemol pro Mount gemobbt goufen. Am Laf vum Joer 2020 wäerten déi aktuell Resultater vun der Erhiewung vun den Donnéeë vun 2018 presentéiert ginn.

All Schüler ka potenziell Affer oder Täter sinn. D'Affer sinn och spéider potenziell aktiv Täter oder passiv Spectateure vu Mobbing un anere Schüler. D'Täter kënnen am Grupp agéieren, deen oft vun engem oder e puer implizitte Leaderen geféiert gëtt. Wann e schlecht Klasseklima besteet, kënnen hei déi méi schwaach Schüler déi sinn, déi statistesch gesi méi oft als Affer a Fro kommen.

Wéi schonn uewe beschriwwen, sinn intern schoulesch Moossnamen, souwéi och extern Moossnamen am Fall vu Mobbing virgesinn an ubruecht.

Beim Projet "Peer-Mediation im Schulalltag", deen dëst Joer seng 20 Joer feiert, geet et drëm, Schüler a Schülerinnen ze befäegen, Konflikter ënnerteneen op eng konstruktiv a respektvoll Aart a Weis ze léisen, an dat ouni d'Interventioun vun Erwuessenen. Nieft der Method vun der Mediatioun léieren déi Jonk awer och ganz generell sozial Kompetenze wéi Toleranz, Konflikt-, Kompromëss- a Kooperatiounsfäegkeet. Sou kann dat schoulintern Sozialklima verbessert a Phenomeener wéi Mobbing entgéintgewierkt ginn.

D'Regierungsinitiativ BEE SECURE mécht Sensibiliséierungsaarbecht zum Thema Internetsécherheet. Do kënnt d'Thema "Cybermobbing" och zur Sprooch. D'Sensibiliséierungsaktioune riichten sech an éischter Linn u Kanner a Jugendlecher. Et gi mëttlerweil pro Joer méi wéi 1.000 Formatiounséancen respektiv Formatiounen an de Schoulen awer och am ausserschoulesche Kontext ugebueden.

Do dernieft goufen eng Rei Publikatioune respektiv Outilen ausgeschafft, fir iwwer d'Problematik ze informéieren a konkret Hëllef unzebidden:

- **Ratgeber "Cybermobbing":** ausgeschafft a Collaboratioun mat der Police bitt dëse Ratgeber konkret Hëllef fir Affer an Zeie vu Cybermobbing. (https://www.bee-secure.lu/sites/default/files/publications/BEE_SECURE_Cybermobbing_Ratgeber_Web_0_UA.pdf)

- **"Cyber-Mobbing Erste-Hilfe App"**: dës App bitt konkret Verhalenstipps, wann een Affer vu Cybermobbing ginn ass. (https://www.bee-secure.lu/de/tools/apps/cyber-mobbing-erste-hilfe-app)
- **"Pädagogischer Leitfaden für die Grundschule":** dës Publikatioun riicht sech un Enseignanten aus der Grondschoul a soll Weeër weisen, wéi de sécheren Ëmgang mat Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien ka vermëttelt ginn. D'Thema vum Cybermobbing gëtt och do opgegraff. (www.bee-secure.lu/leitfaden)
- **BEE SECURE Website**: um Site vu BEE SECURE fënnt een weider Informatiounen a Rotschléi ronderëm d'Thema.

Am Fondamental gesäit de lëtzebuergesche Plan d'études am Kader vun den transversale Kompetenzen d'Medienerzéiung vir. Am Kader vun der Kompetenz "Sélectionner et utiliser judicieusement les offres des médias" ass virgesinn, datt d'Schüler deen néidege Bagage mat op de Wee kréien, fir sech géint de Cybermobbing ze schützen. Och den Developpement vun den transversale Kompetenzen, déi am Domaine "Attitudes relationnelles" opgefouert sinn, wierken dem Mobbing entgéint. D'Zilsetzung ass, datt de Schüler léiert, respektvoll mat sengem Géigeniwwer zesummenzeliewen.

D'Thematike vum Respekt géintiwwer de Matmënschen, der appropriéierter Konfliktléisung an den Notzen esou wéi och d'Risike vun den neie Medie ginn natierlech och am Cours "Vie et société" behandelt, dat souwuel am Fondamental wéi am Secondaire.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse